

Här Buergermeeschter,
Dir Hären Scheffen,
Madame an Hären Conseilleen,
Léif Bierger

An ärer Ried hutt Dir, Här Buergermeeschter, den Ausdrock gebraucht, dat Dir dem Ball net misst nolafen

Dat ass wuel richtig, mee fir eis Greng, an awer och fir eng Gemeng, wéi Mamer, dach selbstverständlech.

Mir géifen eis just wënschen dat eis Gemeng a verschidden Beräicher ... net nëmmen matspillen géif ... mee aneren Gemengen souguer e groussen Schrack viraus wär.

Leider ass dat net ëmmer de Fall.

Beim Klima Pakt zum Beispill.

hei kritt d'Gemeng mir bei den ordinären Recetten 242.500,- duerch Subsiden eran. Dir investéieren der awer just 100.000,-fir extraordinär Mesuren ze huelen.

Eis Gemeng huet awer eréischt den Niveau 2 erreecht, an fir op den nächsten Niveau ze kommen, wier et wichteg sech all Moien ze ginn déi mir duerch des Subsiden eran kréien.

Oder geet der Gemeng eng 50% Zertifizéierung duer ?

Dir wärd eis elo sécher soen dat Dir een Deel vun desen Subsiden an baulech Moossnahmen ... fir eng energetesch Sanéierung vun eisen Gemengen Infrastrukturen investéiert.

Mee genau dat misst fir eis Greng eng Selbstverständlechkeet sinn, an och ouni Subsiden realiséiert ginn. Beim Austausch vun eiser Stroossebeliichtung klappt dat jo schonn ganz gutt.

Ech kann mir just net virstellen dat déi 150.000,- fir d' Remise en état vun dem Haus an der rue Millénaire duer ginn dat eng effikass energetesch Sanéierung duerchgeféiert kann gin, oder déi 50.000,- fir déi kleng Mameranus Schoul.

Ähnlech gesäit et hei bei der Renovatioun vum Bâtiment Jean Marx aus. Och hei ass et sécher net mat neien Fënsteren gedoen. D'Heizkierperen paifen wuertwiertlech aus dem leschten Lach an Belichtung ass och nach aus dem leschten Joerhonnert.

Wat soll de Bierger denken wann hien sech an dësem Gebai e Rendez-vous bei dem My-Energie Service hellt fir sech bei sengem privat Projet beroden ze loosen fir méi energie effizient ze Bauen oder ze renovéieren ... Hei misst d'Gemeng definitiv mam gudde Beispill virgoen, an dobäi verlaangen mir net emol eng Plus Energie Sanéierung ... awer secher méi wéi wat dir geplangt hudd.

An den Ordinären Depensen sinn och bal 60.000,- fir den Info Kanal an 22 Emissiounen vum MATV reservéiert. Zum Inhalt vun dësen Emissiounen well ech mech elo mol net äusseren ... Mee ech fannen eng modern Gemeng wéi dir eis Gemeng gären bezeechent, verdéngt och eng Modern Opmaachung vun esou enger Sendung ... e bëssen erënnert se mech momentan un féier Hei-elei-kuck-elei Sonndeg Nomëtteger.

Hei wär e Renouveau vum Konzept drengend noutwendeg. Firwat net och mol informativ Bäitrag bréngen am Platz déi éiweg Retrospektiv vun Aktivitéiten aus der Gemeng.

Bei der Gestion des Déchets sinn Subsiden fir 6.200,- virgesinn, fir d'Leit bei der Eliminatioun de couches ze ënnerstëtzen, wat mir Greng begréissen.

Mee eigentlech ennerstëzt Dir esou Leit déi Offall produzéieren.

Misst een net och den Projet vun der Sica ënnerstëtzen an en Subside ausschaffen fir déi Leit ze encouragéieren déi manner Offall produzéieren an d'Ziel erreechen wat den Sica sech gesat huet, mat manner wéi 100kg Dreck pro Joer.

Dann stinn ënnert den ordinären Depensen och nach ëmmer 9.000,- deen nämmlechten Bertag wéi déilescht Joren, fir Subventioun vun den Jumboskaarten.

Et ass lech jo sécherlech net entgaange dat den öffentlechen Transport fir d' Lycee Schüler säit dem September gratis ass an dat fir dat ganz Joer.

Ech ginn elo mol dovun aus dat eis Studenten sech gutt verkaf kréien an dësen Service dann och fir si gëllt.

Dofir wollten mir Greng de Virschloe maachen an Zukunft den MPass vun eise Matbierger ze subventionéieren an esou den öffentlechen Transport ze promouvéieren.

Des puer Moossnahmen sinn zwar nëmmen Klenggekeeten awer sécher en Service um Bierger, an se géifen sech och nach Positiv an eiser Co2 Bilanz an an der Klima Pakt Zertificatioun bemierkbar maachen.

Ech hätt och nach zwou finanztechnesch Froen zu den Ordinären Depensen.

Firwat kascht eis d'UGDA Museksschoul ronn 200.000 ,- manner wéi d'lescht Joer.

An wann mir eréischt 2017 den Subside vum Ministère de la Famille kréien fir d'Renovatioun vun der Herni Traufler Schoul. Well mir elo eréischt den Decompte eran reechen.

Ginn et do nach Chantieren wou mir Subsiden bis elo nach net konnten kréien well den Decompte eréischt esou spéit ofgeschloss gi ass.

Am meeschten vermessen mir Greng awer an dësem Budget ... déi sozial Komponenten ... déi e bësse méi wäit ginn ... wéi dat wat d'Legislatioun virgesäit.

Natierlech suergt Dir bei all neiem Lotissement dat déi 10% vir Erschwenglechen Wunnraum agehalen ginn ... an ech kann och verstoen dat dir net frou sidd dat SNHBC elo éischer de Projet an der Kielener Gemeng realiséiert ... amplaz vun der zweeter Phase op Bierg.

Mee all dësen Wunnraum ass fir eng ganz Rëtsch vun Leit leider nach ëmmer net erschwenglech. Mir hätten et begréisst wann dir zum Beispill weider Méiglechkeeten vun Wunnraum fir Flüchtlingen déi den Statut hunn, oder fir Familien déi sech net gutt stinn geschaafte hätt.

Och hei muss d'Gemeng mam gudden Beispill virgoen an et net bei enger Geleeënheet beloossen.

Ech weess dir sot ëmmer dir wéilt net Promoteur spillen, mee am Moment ginn et e puer Méiglechkeeten wou mir als Gemeng eng substantziell Ënnerstëtzung duerch d'öffentlech Hand kréien, 50% jo esouguer 75% ob den Baukäschten, zum Beispill beim Projet 'Jugendwunnen' oder schafen vun Wunnraum fir Flüchtlingen. Esou kéinten mir Jugendlechen oder neien Matbierger eng Hand reechen resp. hinnen eng zweet Chance erméiglechen.

Dat muss näischt Bombasteges sinn 2-3 Unitéiten wäeren e flotten Ufank

Et sinn, esou kleng Projet'en déi eiser Gemeng gutt géifen doen a wou mir eis kéinten vun enger aner Säit weisen.

Zum Schluss e groussen Merci un all eiser Gemenge Personal fir all déi gutt Aarbecht déi si iwwert dat ganz Joer leeschten, an lech Merci fir d'Nolauschteren.